ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Juni 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Froen un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Minister vun der sozialer Sécherheet weiderzeleeden.

D'Schmäerztherapie ass eng wierksam Behandlungsmethod mat ville Virdeeler fir déi Betraffen, déi ënnert chroneschem Wéi leiden. Duerch d'Reduzéiere vun engem dacks onmoossege Medikamentekonsum kënne gesondheetlech Folgeschiede substantiell reduzéiert ginn. Bis elo gouf déi wichteg Aarbecht vun der „ALPADOC" (Association luxembourgeoise des patients à douleurs chroniques) mat engem Subside vum Gesondheetsministère ënnerstëtzt. Dëse Subside leeft awer dëst Joer aus an dat obwuel d'Schmäerztherapeuten haut schonns iwwerlaascht sinn an och d'Patiente mat Waardezäite vu bis zu sechs Méint rechne mussen.

An deem Kontext wollt ech der Madamm Gesondheetsminister an dem Här Minister vun der sozialer Sécherheet dës Froe stellen:

1. Aus wat fir engem Grond gëtt dëse Subside an Zukunft net méi ausbezuelt?
2. Gëtt et e Statut fir de Beruff vum Schmäerztherapeut?
3. Sinn déi zoustänneg Ministeren net der Meenung, datt d'Schmäerztherapie als eng unerkannte Behandlungsmethod an Zukunft vun der Krankekeess misst rembourséiert ginn?
4. Sinn déi zoustänneg Ministeren net der Meenung, datt een d'Schmäerztherapie insgesamt méi fërdere misst, a wa jo, wéi ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique